N°487
Entrée le 23.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°487 vum 18. Mäerz 2024 vun den éierewäerten Deputéierten Här Ben Polidori an Här Marc Goergen iwwert ee "Système de consigne au Luxembourg"**

**Firwat sinn grouss Gedrénkshändler hei am Land net verflicht, fir all Gedrénksfläschen zeréckzehuelen, esou wéi dat an Däitschland schonns de Fall ass?**

Den EU-Kader schaaft mat der neier Reglementatioun zum Packaging & Packaging Waste Regulation (PPWR), fir déi d'Verhandlungen tëschent EU Parlament a Conseil am Mäerz 2024 ofgeschloss goufen, eng Basis fir de Ressourceverbrauch an de Verpackungsooffall an der EU ze reduzéieren an d'Kreeslafwirtschaft virun ze dréiwen. Ee vun den Elementer fir déi viséiert Ziler ze erreechen, ass d'Mise en place vun engem Consigne-System op verschiddenen Gedrénks-Emballagen.

Um nationalen Niveau gouf mat der Modifikatioun vun der "Loi modifiée du 21 mars 2017 relative aux emballages et aux déchets d'emballages" de Kader geschaf, fir een eenheetleche Consigne-System zu Lëtzebuerg opzebauen. D'Gestaltung an d'Ëmsetzung vun dësem System, sollen duerch ee groussherzoglecht Reglement beschriwwen a festgehale ginn. Am Hibléck dovunner gouf d'lescht Joer vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit een encadréierten Austausch mam Secteur lancéiert, fir relevant Systemer fir Lëtzebuerg ze identifizéieren a verschidden Zenarien ze analyséieren.

Et muss een awer och soen dass duerch d'Gréisst vum lëtzebuerger Marché an de Lien mat de Marchéen aus den Nopeschlänner eng Ëmsetzung net esou einfach ass wéi a gréissere Länner mat manner grenziwwerschreidende Fluxen. Dëst muss an de Prozess afléissen, bei engem Consigne-System deen ouni Ofsprooch mat den Nopeschlänner agefouert gëtt, géif de Lëtzebuerger Marché riskéiere mat verschiddenen Produiten net méi beliwwert ze ginn.

**Wäert d'Regierung sech un der däitscher Gesetzgebung inspiréieren an de lëtzebuergesche Pfandsystem dementspriechend verbesseren?**

De lëtzebuerger Consigne-System muss dem nationale Kontext an de Systemer vu sengen Nopeschlänner Rechnung droen. Dofir ass de Prozess zur Definitioun vun engem adequate System nach am Gaangen an et musse weider méi detailléiert Analysen an Echange mam Secteur an de Nopeschlänner gi fir zu engem funktionéierende System ze kommen.

Lëtzebuerg, de 22. Abrëll 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit